# „Wann nëmme Lëtzebuerg mat Nee stëmmt ...“!?

Haut, den 2. Juni 2005, géint 18 Auer, huet eng „Speakesch“ um Sozio-kulturelle-Radio (100,7) behaapt, den Här Juncker hätt a senger deemoleger Neijosch-uprooch gesot; hee géif seng Demissioun ginn, wann „nëmme“ (!?) Lëtzebuerg géif mat Neen zur EU-Verfaassung stëmmen. Dat do héiert sech un, wéi wann déi genannte „Speakesch“ dem Här Juncker géif wëllen eng hënnescht Dir opman, fir dass heen net misst op Bréissel trëppelen, wa mir iren Nee géife soen.

An deene selwechten Noriichten hunn ech héieren, wéi offälleg den Här Juncker sech iwwer déi Leit op den Tribünen (= Nee-Soer?) ausgedréckt huet, an dat mat engem Fussball-Stadion verglach huet: Op engem Fussballfeld géif eise Premier souwisou net laang Mëscht man, well heen sech net un eis allgemeng Spillregele wëllt halen, ma nëmmen – wéi an der Politik! – no sengen eegene Regele wëllt spillen. Do kréich hee séier eng rout Kaart, well dat, wat heen sech an der Politik erlaabt, ass am Fussball (an op villen anere Plazen) verbueden.

Dat do weist nees däitlech déi grouss Mënsche-Veruechtung, un där d'EU-Ministeren an och d'Membere vun der EU-Kommissioun (déi nëmmen am Numm vum Ministerrot handelen!) krank sinn; an SI si Schold um verzweiwelten Nee zu där „illegaler“ a verkasematuckelter EU-Konstitutioun, deen déi EU-Bierger – déi iwwerhaapt hir eege Meenung dozou duerfe soen – ausgedréckt hunn.

Déi Kritik, déi verschidden EU-Politiker – an och eise Premier! – sech un der Meenung vun den Nee-Wieler erlaabt hunn, weist däitlech hir egozentresch Politik-Astellung, déi ower d'Haapt-Uersaach ass fir de Verdross vu ville Bierger an Europa: Mir gi systematesch vernoléissegt, iwwersinn, net informéiert an souguer verdommt, wann et ëm eis selwer geet: Et intresséiert kee Schwäin zu Bréissel (an och net am Ministerrot!), wat mir liewen a wat eis wichteg ass! – Domat muss elo endlech Schluss sinn! ... – Soss mussen eis monarchech agestallte Politiker d'Konsequenzen op hir Kap huelen! – An dat kann nach lëschteg ginn, oder och net! ...

Dir Dammen an Häre Besserwësser aus der Politik! Maacht dat, wat der net kënnt loossen; mä kommt dono net soen, et hätt keen iech et gesot! Bis dann ...

**Michel A. Mathias**
alimat@pt.lu

**P.S.:** Ech hoffen, dass eis Lokal-Politiker sech net vum schlechte Beispill vun den EU-Politiker an den National-Politiker ustieche loossen, well 't ass nees geschwe Karschnaz! ...